N°420
Entrée le 05.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 420 vum 4. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Als éischt sief ze bemierken dat et sech hei net ëm déi definitiv Zuelen handelt soulaang wéi den Delai vun 2 Joer no der Prestatioun, esou wéi etam Artikel 84, Alinea 3 vum Code vun der sozialer Sécherheet virgesinn ass net ofgelaf ass.

*1. Wat ass den duerchschnëttlechen Delai tëschent dem Ausstellungsdatum vun der Rechnung (oder der Prestatioun falls den Datum vun der Rechnung net erfaasst ginn ass) an dem Areeche bei der CNS (also net dem Zäitpunkt vum Remboursement)?*

Den duerchschnëttlechen Delai tëschent dem Datum vun der Prestatioun an dem Datum vun der Entrée vun der Remboursementsufro bei der Gesondheetskeess (CNS) fir all Zort vu Remboursementsufroen, déi wärend der Periode vu Mäerz 2020 bis Februar 2024 bei d'CNS ageschéckt goufen, ass 56 Deeg.

*2. Wéi huet sech dësen duerchschnëttlechen Delai an de leschte 5 Joer (opgeschlësselt no Joren) entwéckelt?*

Als éischt sief ze preziséieren, datt d' CNS keng Zuele ka liwweren déi 5 Joer zeréckginn, well de System fir d' optesch Lecture vun de Remboursementsufroen eréischt zënter Mäerz 2020 operationell ass.

Wat den duerchschnëttlechen Delai tëschent dem Datum vun der Prestatioun an dem Datum vun der Entrée vun der Remboursementsufro bei der CNS ugeet, geet aus dem Tableau hei ënnendrënner ervir, dat dësen zënter 2020 kontinuéierlech erofgeet, vun 72 Deeg am Joer 2020 op 50 Deeg am Joer 2023. Fir d'Joer 2024 läit de momentanen Duerchschnëtt bei 46 Deeg.

| **Joer** | **Unzuel un Deeg** |
|---|---|
| 2020 | 72 |
| 2021 | 61 |
| 2022 | 51 |

| | |
|---|---|
| 2023 | 50 |
| 2024 | 46 |

*3. Proportional betruecht, béi wéi ville Rechnungen, déi innerhalb vun 2 Joer bei der CNS antreffen, ass den Delai tëschent Prestatiouns- oder Rechnungsdatum an Agangsdatum innerhalb vun 3 Méint, vu 6 Méint, vun 9 Méint, vun 12 Méint, vu méi wéi 12 Méint?*

D'Gesamtzuel u Remboursementsufroen, déi d'CNS säit Mäerz 2020 erakritt huet, beleeft sech op 17.206.601. Déi proportionelle Repartitioun vum Delai dee vergeet tëschent dem Datum vun der Prestatioun an dem Datum vun der Entrée vun der Remboursementsufro bei der CNS, am Verglach zu der Gesamtzuel u Remboursementsufroen déi bei der CNS zënter Mäerz 2020 erakomm sinn an am Delai vun 2 Joer sinn, esou wéi et am Artikel 84 vun de Statute vun der CNS virgesinn ass, presentéiert sech wéi follegt:

| **Délai** | **Unzuel u Rechnungen** | **Verdeelung** |
|---|---|---|
| < 3 Méint | 14.459.598 | 84,04% |
| 3-6 Méint | 1.612.971 | 9,37% |
| 6-9 Méint | 489.231 | 2,84% |
| 9-12 Méint | 231.565 | 1,35% |
| > 12 Méint | 413.236 | 2,40% |

Aus dem Tableau geet ervir dat d'Majoritéit vun de Remboursementufroen innerhalb vun engem Delai vun 3 Méint nom Datum vun der Prestatioun un d'CNS adresséiert ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Lëtzebuerg, den 5. Abrëll 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez